N°6983
Entrée le 11.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

De 7. Oktober huet RTL am Journal e Reportage iwwer eng Abrochserie zu Wolz bruecht, déi notamment de lokale Geschäftsleit vill Misär mécht, mee ervirgehuewen, datt déi entspriechend Fäll déi lescht Méint net am Pressebulletin vun der Police genannt goufen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert war, fir déi entspriechend Doten net an de Pressebulletin vun der Police opzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°6983
Entrée le 02.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°6983 vum 11. Oktober 2022 vum honorabelen Députéierten Fred Keup.

Preliminär Bemierkung:

Virop sief bemierkt, datt verschidden Abréch am Raum Woltz vun der Police kommunizéiert goufen.

Ad 1):

Wéi schonn a viregten Äntwerten op verschidde parlamentaresch Ufroe präziséiert, gëllt allgemeng als virrangege Critère deen, dass d'Enquête bei enger Strofdot mat enger Kommunikatioun no baussen net beaflosst gëtt. Esou kann a munche Situatioune eng Kommunikatioun, also eng ëffentlech Bestätegung vum Fait, d'Enquête beaflossen, well all Informatioun no baussen en Effet mat sech brénge kann. Entspriechend lant net all Abroch am Pressebulletin vun der Police.

Zur Informatioun, de Minister intervenéiert an kenger Etappe vun dëser Prozedur, d'Police, respektiv d'Justizautoritéiten huelen hei d'Decisiounen.

Et sief och bemierkt, dass d'Kommunikatioun de Justizautoritéiten ënnerläit ab deem Moment wou d'Police an/oder Justice Kenntnis vun enger méiglecher Strofdot hunn.

Lëtzebuerg, den 2. November 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX